Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir déi sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Och zu Lëtzebuerg kënnt et ëmmer rëm vir, datt Bierger an déi tragesch Situatioun geroden, op eng ëffentlech Invaliderent ugewisen ze sinn.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Minister fir sozial Sécherheet gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister matdeelen, wéi vill Bierger aktuell eng Invaliderent bezéien a preziséieren, wéi dës sech op physesch a psychesch Invaliderenten opdeelen?
2) Kann den Här Minister matdeelen, wéi eng Prozedure mussen agehale ginn, fir d'Invaliditéit festzestellen?
3) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert wéi vill Dokteren a Kontrolldokteren aktuell zu Lëtzebuerg akkreditéiert sinn, fir déi eenzel Forme vun Invaliditéit ze certifiéieren?
4) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, op wéi eng Ursaachen, déi eenzel Kategorie vun Invaliditéit zeréckzeféiere sinn (Aarbechtsaccident, Autosaccident, medezinesch Niewewierkung asw.)?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten